Nummer 242
Abrëll 2022



# Kropemann info

d'Informatiounsblat vun der Réidener Gemeng
Bulletin d'information de la commune de Redange/Attert



© Philippe FABER

www.redange.lu

L-8510 REDANGE/ATTERT
38, Grand-rue
Adresse postale: B.P. 8
L- 8501 REDANGE/ATTERT

# Inhalt


| | |
|---|---|
| 2 | Inhalt |
| 3 | Wëssenswertes aus der Gemeng |
| 4 | Séance publique du conseil communal du 3 février 2022 |
| 5 | AVIS / Den S.E.A. Beiestack sicht Studente fir am Summer |
| 6 | Grouss Botz 2022 / Collecte de déchets 2022 |
| 7 | Den neie PAG vun der Gemeng Réiden |
| 8 | Stëftung Hëllef Doheem |
| 9 | Neies aus der Geschäftswelt |
| 10 | Par Atertdall Sainte-CLAIRE |
| 11 | Nojemer Musik |
| 12 | Réidener Musik |
| 13-15 | Réiden virun 30 Joer |
| 16 | Nidderpallener Gesank |





**Druck/Herausgeber:**
Gemeinde Redingen/Attert
Ingrid Brusten, Mouchi Fasbinder, Monique Kuffer, Carlo Nilles, Luc Pauly
**Sekretariat & Layout:** Philippe Faber & Tracé
**Tél.:** 23 62 24-1
**E-Mail:** kropemann@redange.lu

Kropemann-Info erscheint monatlich kostenlos.


Bitte alle Artikel für den «Kropemann-Info» bis zum **12. des Monats 12 Uhr** zukommen lassen.


© Copyright 2022

# !!!OPGEPASST!!!

Fir de Kropemann-Info Mee, mussen d'Artikelen alleguer bis den 12. Abrëll, op

**reception@redange.lu**

geschéckt ginn.

## Manifestatiounskalenner

### Abrëll an Mee 2022

*Den 30. Abrëll* Galaconcert vun der Réidener Musik

*Den 1. Mee* Kiermes zu Nojem
- Konscht & Hobbymaart zu Nidderpallen

## Gemeng Réiden

### Ëffnungszäiten

**all Dag op vun**
**8.00 Auer bis 12.00 Auer**

**a Mëttwochs vun**
**8.00 Auer bis 12.00 Auer a vun**
**14.00 Auer bis 18.00 Auer**

## Containerpark Réiden

**Tél: 26 62 09 13**

***Dënschdes bis Freides***
vun 09.00 Auer bis 11.45 Auer
a vun 13.00 Auer bis 17.00 Auer.

***Samschdes***
vun 09.00 Auer bis 16.00 Auer.

## Offallkalenner

**Freideg, den 1. Abrëll:** Biooffall
**Mëttwoch, de 6. Abrëll:** Valorlux
**Mëttwoch, den 13. Abrëll:** Superdr./Hausofall
**Donneschdeg, de 14. Abrëll:** Glassammlung
**Freideg, de 15. Abrëll:** Biooffall
**Samschdeg, de 16. Abrëll:** Alpabeiersamm.
**Mëttwoch, den 20. Abrëll:** Valorlux
**Samschdeg, den 23. Abrëll:** Grouss Botz
**Méindeg, de 25. Abrëll:** Sperrmüll
**Mëttwoch, de 27. Abrëll:** Hausoffall
**Freideg, den 29. Abrëll:** Bioofall

# *Séance publique du conseil communal du 3 février 2022*

## *ORDRE DU JOUR*

### Approbation de l'ordre du jour.

1. Présentation du plan pluriannuel financier « PPF » portant sur les années 2023-2025 ;
2. Modification du règlement général de circulation ;
3. Approbation d'un règlement communal relatif à l'allocation d'un subside pour la création de jardins naturels ;
4. Approbation de nouveaux statuts pour le syndicat intercommunal « Réidener Schwämm » ;
5. Approbation d'un devis relatif au renouvellement du collecteur de la source Weierchen à Nagem ;

Divers.

***Présences :*** M. Henri GEREKENS, bourgmestre et M. Luc PAULY, échevin,
M. Jeff MULLER, Mme Monique KUFFER, M. Jean Valentin BODEM, M. Charles WELTER et M. Raymond REMAKEL, conseillers.
Mme Muriel SEIL-NOURISSIER, secrétaire.

***Absences :*** M. Tom FABER, échevin, excusé.

### *Présentation du plan pluriannuel financier « PPF » portant sur les années 2023-2025*

Le collège échevinal a présenté ,aux membres du conseil communal, le tableau de synthèse globale ainsi que les annexes du plan pluriannuel de financement (PPF) pour les années 2023-2025.

### *Modification du règlement général de circulation*

Approbation de différentes modifications au règlement communal de circulation. Une copie du règlement adapté peut être demandée auprès du secrétariat communal.

### *Approbation d'un règlement communal relatif à l'allocation d'un subside pour la création de jardins naturels*

Avec effet rétroactif au 1er janvier 2022, une prime de100.- Euros par projet est allouée aux habitants de la commune pour la réalisation d'un jardin naturel.

### *Approbation de nouveaux statuts pour le syndicat intercommunal « Réidener Schwämm »*

Le conseil communal a approuvé les nouveaux statuts pour le syndicat intercommunal « Réidener Schwämm ».

### *Approbation d'un devis relatif au renouvellement du collecteur de la source Weierchen à Nagem*

Approbation d'un devis du 11 octobre 2021, établi par le bureau d'ingénieurs – conseils « BEST », concernant le renouvellement du collecteur de la source Weierchen à Nagem, au montant total de 555.750,00.- € T.T.C.

# AVIS

Par la présente, il est porté à la connaissance du public que la délibération du 3 février 2022 portant approbation de modifications du « règlement de circulation » a été approuvée par M. le Ministre de la Mobilité et des travaux publics et Mme le Ministre de l'Intérieur en date respectivement du 3 mars 2022 et du 8 mars 2022 – références 83cxd83a9 et 322/22/CR.

Redange, le 10 mars 2022.

Pour le Collège des Bourgmestre et Echevins,
Le Bourgmestre, Le Secrétaire,

**S.E.A. Beiestack**
*Service d'éducation et d'accueil*

**11c, Grand-rue L-8510 Redange**

D'Gemeng sicht Studente fir am Summer an der Maison Relais Beiestack matzeschaffen.
(Et kënne just esouvill Studente geholl ginn, wéi Plaze gebraucht ginn.)

Du muss Student sinn, 18 Joer al sinn a minimum eng Formatioun **"Animateur A"** virweisen.

Deng schrëftlech Demande mam Vermierk ***"Beiestack Summer 2022"*** ass bis spéitstens den 13. Mee 2022 ze schécken un:

*Maison Relais Beiestack*
*11c, Grand-rue*
*L-8510 Redange/Attert*

Präziséier an denger Demande w.e.g. Numm, Virnumm, Adresse an Tel-Nummer, lee e certificat de scolarité an eng Copie vum Animateur A-Diplom dobäi a präziséier deng Disponibilitéiten.

# GROUSS BOTZ

D'Gemeng vu Réiden organiséiert

*den 23. Abrëll 2022*

Grouss Botz duerch Réiden.
Jiddereen, dee wëll hëllefen, ass wëllkomm.

*RDV 08.30 Auer beim neien Atelier vun der Gemeng.*

Fir Iessen an Drénken ass gesuergt.

*D'Aktioun gëtt ofgehal onofhängeg vum Wieder.*

# COLLECTE DE DÉCHETS

La commune de Redange/Attert organise,

*le 23 avril 2022*

une collecte de déchets à Redange.
Tout le monde est le bienvenu pour nous aider

*RDV 8.30hrs près du nouveau l'atelier commnal*

boissons et repas seront à votre disposition.

*L'action se déroulera indépendamment des conditions météorologiques.*



# DER NEUE PAG

## Die Prozedur

**Das Verfahren zur Genehmigungsprozedur des PAG wird im Städtebaugesetz (loi modifiée du 19. juillet 2004 concernant l'aménagement communal et de développement urbain) geregelt. Die Prozeduren des PAG und der Strategischen Umweltprüfung (SUP) laufen**

*Die PAG-Serie im Kropemann*


| | |
|---|---|
| 01 | Etude Préparatoire |
| 02 | PAG |
| 03 | PAP QE |
| 04 | SUP |
| 05 | RBVS |
| 06 | Genehmigungsprozedur |


Das Verfahren beginnt mit der Zustimmung des Gemeinderates (der sogenannten „saisine").

Die „Commission d'Aménagement" des Innenministeriums und das Umweltministerium nehmen anschließend Stellung zum PAG-Projekt. Parallel dazu liegt es für die Dauer von 30 Tagen in der Gemeindeverwaltung zur Einsicht für die Bürger*innen aus. Zusätzlich wird das PAG-Projekt in diesem Zeitraum im Rahmen einer öffentlichen Informationsveranstaltung vorgestellt. Die Bürger*innen haben die Möglichkeit, schriftlich zum PAG-Projekt Stellung zu beziehen / zu „reklamieren". Alle Reklamanten werden vom Schöffenrat gehört.

Danach entscheidet der Gemeinderat im Rahmen des „vote", ob und wie das PAG-Projekt entsprechend der Stellungnahmen und Reklamationen angepasst wird.

Nach dem Votum des Gemeinderates werden die Reklamanten informiert und haben gegebenenfalls noch einmal die Gelegenheit, ihre Einsprüche vorzubringen, diesmal beim Innenministerium- ehe schließlich das Innen- sowie das Umweltministerium den neuen PAG genehmigen.

| | PAG | SUP |
|---|---|---|
| Wie wird informiert? | Veröffentlichung für 30 Tage auf der Gemeinde und auf der Internetseite der Gemeinde. Durchführung einer Informationsveranstaltung. | |
| Wie kann man reklamieren? | Schriftliche Anmerkungen und Einwendungen an den Schöffenrat<br>Frist: 30 Tage | Schriftliche Anmerkungen und Einwendungen (auch per E-Mail) an den Schöffenrat<br>Frist: 45 Tage |
| Was passiert danach? | Anhörung der Reklamanten durch den Schöffenrat und ggf. Änderungen des PAG durch den Gemeinderat. Beim Votum des PAG Information des Reklamanten. Danach Reklamationsmöglichkeit beim Innenministerium. | Information über die Berücksichtigung der Reklamationen nach der Genehmigung des PAG |
| Rechtsgrund-lage | Art. 10 bis 18 des geänderten Städtebaugesetztes vom 19. Juli 2004 | Art. 7 bis 10 des geänderten SUP-Gesetzes vom 22. Mai 2008 |

# Stëftung Hëllef Doheem



# Neies aus der Geschäftswelt



## Pet's Heaven sàrl

### Déierebuttek

Ob Hund oder Katze, für Ihre Fellnase ist bestimmt das Richtige dabei:



BARF (Haaks Barf, Shaweca)
Nassfutter (Aniforte, Fleischeslust, Lunderland)
Futterzusätze (Aniforte, Lunderland)
Pflegeprodukte
Forever Living Artikel
Regen-, Winter- und Bademäntel (Actionfactory)
Decken und Körbe
Halsbänder, Leinen aus Leder (Das Lederband)
Brustgeschirre, Leuchtbänder,...
Spielsachen





**Fabienne Schon, 56 Grand-Rue, L-8510 Redange/Attert**
**www.petsheaven.lu, Tel: +352 621 32 60 49 / 26 62 10 36**








## Par ATERTDALL Sainte-CLAIRE

**CENTRE PAROISSIAL:** 40, Grand'rue L- 8510 Redange-Attert
E-Mail: atertdall@cathol.lu
Site: https://cathol.lu/atertdall

**COMPTE BANCAIRE:**
BCEELULL LU57 0019 5055 9545 4000 / Kierchefong – Par Atertdall CGP08

**ÉQUIPE PASTORALE:**
Père Jean-Jacques FLAMMANG SCJ, curé-modérateur Tél: 661 746 852 / jjf@scj.lu
Père Mathieu JANSSEN M.O., curé & Abbé Vincent BILLOT, subsidiaire
Joke de KROON, c. pastorale & catéchète Tel. 691 497 273 joke.dekroon@cathol.lu

**SECRÉTARIAT & COMMANDE MESSES:** Michèle ASSERAY, secrétaire Tel: 23 62 10 53 / atertdall@cathol.lu

**PASTORALE DES MALADES & PERSONNES AGÉES:** Marie-Claire Rasqué tél. 23 62 07 20 / 621 618 855

**NOUT-TELEFON BEGRIEFNISPASTORAL / TÉLÉPHONE D'URGENCE / FUNÉRAILLES tél. 621 686 102**

## D'KARWOCH AN D'OUSCHTERFEST

Um Enn vun der Faaschtenzäit feieren d'Chrëschten weltwäit hirt gréisste Fest: Ouschteren.
Och mir an der Par Atertdall Sainte-Claire feieren dëst Fest, an esou invitéieren mer Iech alleguerten un de Feierlechkeeten an der Karwoch an op den Ouschterdeeg deelzehuelen.
*Elo wou keng Covid-Restriktioune méi sinn, ass dat jo och méi einfach.*

Ouschteren heescht no Oste kucken, also dohin, wou d'Sonn opgeet, wat esou vill bedeit, wéi opmierksam ginn op Neies, Schéines, Guddes a Richteges, wat ënnert eis entsteet, wa mer eis vun deem Fridden erfaassen loossen, den Christus, deen Operstanenen, op Ouschteren der Mënschheet proposéiert.

### KARWOCH – SEMAINE SAINTE



**9. Abrëll:** Préizerdaul: 18.30 Mass e Seenen vum Pällem

**10. Abrëll:** Useldeng: 10.30 Houmass a Seenen vum Pällem
Wal: 10.30 Houmass a Seenen vum Pällem
Réiden: 18.30 Owesmass a Seenen vum Pällem

**12. Abrëll:** Iewerleng: 15.00 Rousekranz- an Psalmegebiet

**14. Abrëll** **GRÉNGEN DONNESCHDEG:** Ell: 17.00 Familljenabendmahlsfeier
Viichten: 19.30 Abendmahlsfeier

**15. Abrëll** **KARFREIDEG:**
Préizerdaul: 15.00 Famillje-Kräizwee *(Rendez-vous bei der Kapell zu Reimberg)*
Iewerleng: 15.00 Statiounen vum Kräizwee gi gebiet
Biekerech 19.30 Karfreidegliturgie

**16. Abrëll** **KARSAMSCHDEG:** Réiden: 8.00 Laudes - Mueresgebiet
Réiden: 17.00 Beichtgeleeënheet – confession

### OUSCHTEREN

**16. Abrëll:** OUSTERNUECHT: Wahl: 18.30 Ouschterfeier
Réiden: 20.30 Ouschterfeier

**17. Abrëll:** OUSCHTERSONNDEG Ell: 8.00 Ouschtermass mat Moies-Kaffi
Préizerdaul: 10.30 Ouschtermass
Useldeng: 10.30 Ouschtermass

**18. Abrëll:** OUSCHTERMEINDEG Groussbus: 10.30 Houmass

### « Pâques »

signifie « passer »: passer avec le Christ et son Évangile, de la tristesse à la joie, de l'enfermement en nous-mêmes à la communion avec les autres, de nos propres intérêts à une vie de charité, de nos guerres à la paix juste et durable, de nos morts à la Vie que Dieu nous ouvre.

**Joyeuses Pâques! Iech all e frouen Ouschterdag!**


D'Nojemer Musik an de CDJ freet sech op Aere Besuch!
Kiermes
Landschaftsgärtnerei
Entreprise de Jardinage
De Grénge Jeannot
Gaardenexpert vum RTL
Samschdes ab 16h: Hämmelsmarsch a Meekranz
COVID
check.lu
1. Mee 2022
sonndes
NOJEM
16:15 Auer
Kiermesconcert vun der
Nojemer Musik
Erwuessen: 17 €
Kanner 13 €
Direktioun: Breger Fränz
ab 18 Auer
zervéiert de Club des Jeunes
eng gudd
Kiermesteller
mat Fritten
Reservatioun um
Tel 621421774
(Lexy Wantz)
SANI DESIGN
Chauffage-Sanitaire


RÉIDENER MUSIK
invitéiert
Gala
Concert
2022
Direktioun: Ernie Hammes
Gesang: Tiffany Lima
30 ABRËLL
20H00
ZU RÉIDEN
CENTRE POLYVALENT
RESERVATIOUN: 621 150 560
OWESKEES: 12€

# Cincu 1992

Wa virun enger halwer Dose Joer ee gesot hätt, datt bis spéitsdens 1992 de ganze kommunisteschen Ostblock sech vum selwe géif opléisen, wär dëse Proféit ausgelaacht an nët fir richteg am Still gehale gin. Wien hätt virun 10 Joer dru gegleeft, dat d'Mauer vu Berlin, déi bal 30 Joer zwee politesch Systemer hermetesch getrennt hat, an enger Oktobernuecht 1989 ëmfale géif? Oder dass 1992 Kuba an Nordkorea nach déi eenzeg Gralshüter vun engem verstëbsten an iwwerliewten politeschen System wären?

Dem Ex-Parteisekretär Michail Gorbatschow séng Politik vu Glasnost a Perestroika huet eng gewalteg Lawin un d'Rulle bruecht an eng verkallekt a korrupt Ideologie mat sech gerass, déi mir während laange Joren bei eis am Westen, ménger Menong no, mächteg iwwerschat haten. D'ex-UdSSR an hir Satellitestate waren doudsécher militäresch onberechebar an eng grouss Gefor fir déi fräi Welt, wat dat awer fir déi eenzel Natiounen un Affer an Aarmut mat séch bruecht huet, kënne mir elo, wou den eiserne Vorhang definitiv opgaangen as, op der Plaz mat egenen Aan gesin.

Eent vun den trauregste Kapitelen vun der kommunistescher Geschicht as wahrscheinlech déi lescht 40 Joer a Rumänien geschriwwe gin; do huet während Jorzéngten e bluttrënschtegen Diktator, den Nicolae Ceausescu, a säi Familljeclan eng ganz Natioun op eng Aart a Weis, déi mir eis nët virstelle kennen, ennerdréckt an exploitéiert. Hei zu Lëtzebuerg si mir all déi Joer nët vill vun dësem geschënnte Vollek gewuer gin. Aus der Geschicht wësse mir awer, dat viru laange Joer Lëtzebuerger no Siebenbürgen a Rumänien gewandert sin an datt do nach, op Plazen, haut nach en Dialekt geschwat gët, deen eiser Sprooch séier no kennt. Aner vun eise Matbiirger hu Rumänien an hirer Vakanz kennegeléiert, wa si no Varna oder Constanza op d'Schwaartz Mier gefuer sin; dës Leit konnten eis ëmmer verzielen, datt jidder Kontakt mat der agebuerener Bevölkerung direkt vun der Geheimpolizei Securitate ënnerbonn gin as.

Déi lescht Joer sin da weider méi ewéi honnert rumänesch Kanner vu Lëtzebuerger Elteren adoptéiert gin. Nom Fall vum Ceausescu



**Eng typesch Strooss vun Cincu mam Kiirchtuurm vun der evangelescher Wehrkirche**

31



**Eent vum Ceausescu sénge Monumentaldenkmäler**

séngem verhaasste Regime war et du némmen normal, datt bei eis am Land eng Rei Organisatiounen séch zesumme gedoen hu fir dem rumänesche Vollek a sénger Nout énner d'Äerm ze gräifen.

Den Armand Glaesener, pensionéierte Geschäftsmann vu Réiden, huet op dësem Plang Pionéieraarbecht geleescht. Mat aner gläichgesënnte Leit huet hien d'Aktioun „Solidaritéit mat Rumänien" op d'Bee gesat an déi lescht Méint fueren a schéiner Regelméissegkeet Camion'en mat Hëllefgidder no Rumänien, fir do op der Plaz dene Leit ze hëllefen, déi et am néidegsten hun.

Och am Réidener Gemengerot as vun dëser Hëllefsaktioun geschwat gin: d'Majoritéit vun de Konselljen war der Menong, datt dëse Leit onbedéngt misst gehollef gin. Dës Hëllef misst



**En Deel vun der Réidener Delegatioun mat vu lénks no riets: Flory Thein, engem vun eisen Dolmetscher Uwe Zink, Roland Fransissi, Marcel Zimmer, Robert Thilmany a Norbert Nilles**

op der Plaz a Rumänien geleescht gin, sou datt d'Leit an hirer Hemecht erëm e menschewiirdegt Liewe féiere kënnten. Am anere Fall, wou d'Liewensbedingungen ëmmer méi schlecht géife gin, däerft een sech nët verwonnere, wann ëmmer méi Leit versiche géifen, an de „Goldene Westen" zu flüchten, an da wär et normal, datt och an eise Géigenden ëmmer méi Emigranten missen enner Daach kommen.

An der Woch vum 8. bis de 15. März war dunn eng Delegatioun vun der Gemeng Réiden mam Armand Glesener mat op Cincu, engem Duerf a Siebenbürgen, gefuer. Vum Gemengerot waren de Marcel Zimmer, Konseljee vun Osper, an de Schäffen Marc Schmit vu Réiden mat, weider waren derbäi de Gemengeviraarbechter Flory Thein an di Hären Daniel Kayser, Nobert Nilles, Alex Riffer, Robert Thilmany a Roland Fransissi, e Kolleg vum Marcel Zimmer. De Convoi, deen aus engem Sattelschlepper, 2 Minibussen, engem Kombi an engem Campingcar bestanen huet, as Sonndes owes um 22.00 Auer op der Douane zu Waasserbëlleg fortgefuer. D'Rees as iwwer Tréier, Heilbronn, Passau, Linz, Wien, Budapest op Kecskémet gaangen, wou een Deel vun der Equipe Nuecht gemaach huet. De Rescht vun dem Convoi, deen op der däitsch-éisträichescher Grenz opgehale gi war, huet hiirt Nuetslager op der ungaresch-rumänescher Grenz opgeschloen. Wéi duurch e Wonner a wéi duurch Geeschterhand geleet, hun déi zwou Equipen séch den Dag drop op enger knubbeleger rumänescher Strooss erëmfond.

Och wa mir vun Ungarn nëmmen d'Haaptstroosse gesin hun, as et eis awer trotzdeem opgefall, dat Ungarn wahrscheinlech dat Land am Ex-Ostblock as, wou et de Leit momentan am beschte geet: vill nei a propper Heiser, Buttécker, déi eisem westleche Liewesstandard am nooste kommen (virun allem an der Haaptstad Budapest), vill Autoen, neier a manner neier, mat Chauffeuren, déi een dacks un den Nicki Lauda erënnert hun, nei Handels- an Industribetriber, wéi z. B. D'Firma Tetrabrick, déi eng grouss nei Fabrik bei Budapest gebaut huet. Och waren d'Stroossen an Ungarn vill besser ewéi an Eisträich a virun allem wéi a Rumänien, dat ee roueg als d'Land mat den 100 000 Stroosselächer defen däerf.

Wat sin dann déi éischt Impressiounen, déi ee vu Rumänien kritt?

*Dat liest dir am Kropemann-Info Mee.*



**Eng Vue vun der (nach) statlecher Uebstkolchos**

33




# Konscht- & Hobbymaart

Nordliicht




## den 1. Mee 2022
## vun 10 – 18 Auer

Molereien, Glasaarbechten, Schmuck,
Fer forgé, Holz, Keramik, Naturprodukter,
Gaardendeko, Gebitztes, Gestrécktes,
a vill Interessantes méi......



**Verfleegung:** Gegrilltes, Fritten, Eisekuchen, Schampes, Maitrank, Béier, ...

**Kanner:** Sprangschlass

**Entrée gratis** **Livemusek**

StimmungsDuo
Wa-Ta Touille







Organisatioun : Nidderpallener Gesank